Mme Agny Durdu *(DP).-* Här President, ech wëll lech just un eppes erënneren: Ech mengen, mir haten am Ufank vun eiser Sitzung festgehalen, dass déi Motioun géif op en Donneschdeg de Mëtteg verluegt ginn.

M. le Président.- Ah jo! Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4782 iwwert en neien Numm fir d'Gemeng Bettborn.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Klein, Calmes, Gira a Bisdorff. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schank.

5. Projet de loi 4782 relatif au changement de nom de la commune de Bettborn en celui de „Préizerdaul"

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Marco Schank *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, entspriechend dem Gemengegesetz vun 1988 kann eng Gemeng hiren Numm änneren, wann zwou Konditiounen erfëllt sinn. Éischtens, muss de concernéierte Gemengerot eng Demande un de Minister stellen, dee fir den Intérieur zoustänneg ass, an hie muss e Gesetzesprojet an der Chamber déposéieren. Zweetens muss dann d'Chamber, wéi mer dat haut wëlle maachen, per Gesetz där Ännerung vun deem Numm zoustëmmen.

Am Kader vum Projet de loi 4782 freet d'Gemeng Bettborn d'Ëmännerung vun hirem Numm an dee vu Gemeng Préizerdaul. De Gemengerot motivéiert seng Demande haaptsächlech mat dräi Argumenter, op déi ech kuerz wëll agoen:

- Dass d'Bezeechnung Préizerdaul scho laang vun der Bevölkerung vun der Gemeng Bettborn gebraucht gëtt, an net nëmme vun de Leit aus dem Dall selwer mä och vun de Leit aus der ganzer Regioun.

Ech erënneren drun, dass déi Eschduerfer an déi Heischenter ëmmer gesot hunn: Mir fueren an den Daul an d'Disco oder an de Préizerdaul.

Des voix.- Dat ass awer fir lech schonn eng Zäitchen hier.

M. Marco Schank *(CSV), rapporteur.-* Jo, dat ass fir de Rapporteur scho méi laang hier.

Ech erënneren drun, dass dës Gemeng genee véier Uertschaften ëmfaasst, an zwar Proz, Platen, Rëmmereg (Reimberg) a Biebereg (Bettborn). Souguer op nationalem Plang kënnt ee soen, ass den Numm Préizerdaul fir deen Eck vun eisem Land, fir déi Gemeng, e Begrëff, net eleng wéinst dem Buergermeeschter.

D'Sportsveräiner aus der Gemeng, wéi zum Beispill de Football, respektiv de Basket an den Dëschtennis, hunn ech mir soe gelooss, déi bezeechne sech alleguer mat dem Numm Préizerdaul. Och aner kulturell Associatiounen hunn dëst gemaach. D'Gemeng huet souguer an hirer Argumentatioun eisen Nationaldichter, de Michel Rodange, an d'Feld gefouert, fir d'Authenticitéit vum Numm Préizerdaul däitlech ënner Beweis ze stellen.

E weidert Argument vun der Gemeng ass, dass déi lokal Bevölkerung d'Fusioun vun deene véier fréiere Walsektiounen ouni Problem an eng eenzeg Sektioun acceptéiert huet, esou wéi et de Moment ass, an dat géif klor drop hiweisen, dass d'Ännerung vum Gemengennumm Bettborn an den Numm Préizerdaul ouni Problem vun de Leit, déi do wunnen, och géif deementspriechend acceptéiert ginn.

Wann ech e Vergläich däerf an d'Feld féieren, dann ass et, dass d'Awunner vun de fréiere Gemengen Harel a Meecher, wéi déi zwou Gemenge fusionnéiert hunn, ouni Problem den Numm, wat jo do éischter méi eënschtlechen Numm war, vu Commune du Lac de la Haute-Sûre, respektiv Stauséigemeng, wéi mer op Lëtzebuergesch soen, acceptéiert hunn. Et muss een derbei soen, déi Gemeng war nach méi grouss virgesinn. Et sollten eigentlech véier Gemenge sinn, och nach derbäi Néngsen an Esch-Sauer. Och do gëtt de Lëtzebuerger Numm couramment benotzt. Mir hu jo zu Lëtzebuerg dräi offiziell Sproochen an et verbitt jo näischt, dass eng Gemeng kann e Lëtzebuerger Numm hunn.

Dat lescht Argument vun de Gemengeresponsable war dat, wat ech och e ganz léift Argument fannen, d'Konfusioun tëschent Bettborn a Betebuerg kéint esou effikass verhënnert ginn.

A sengem Avis vum 24. Juni 1998 kontestéiert iwwregens de Conseil d'Etat d'Opportunitéit vun der Ännerung vun dem Gemengenumm Bettborn an dee vu Préizerdaul. De Statsrot behaapt, dass Préizerdaul eng ganz Regioun géif begräifen an net nëmmen d'Ortschafte vun der Bettborner Gemeng. Ech muss soen, dat stëmmt net.

De President vun der Kommissioun weess, well hien an der Géigend grouss ginn ass, dass de Préizerdaul quasi exakt déi véier Uertschaften aus der Bettborner Gemeng, dat heescht Platen, Proz, Rëmmereg a Biebereg ëmfaasst.

En zweet Argument vum Statsrot, fir dergéint ze sinn, war, fir ze soen, dass an Zukunft och aner Gemenge géifen entspriechend Fuerderunge stellen, well eng Aart Prezedenzfall géif entstoen. Als Beispill huet de Statsrot dann och ugefouert, wéi et da mam Mëllerdall wär, mam Uelzechtdall, mam Kuerdall, an am Kieschpelt. D'Kommissioun war mat deem Argument net d'accord an huet gesot, dass am Géigesaz zum Préizerdaul, wou genee déi véier Uertschaften deen Dall do ëmfaassen, et sech bei deenen anere véier Nimm ëm Regioune géing handelen, déi däitlech

iwwer Deeler vun enger Gemeng oder méi Gemengen eraus géife goen.

Näischtdestotrotz ass d'Kommissioun der Meenung gewiescht, dass een an Zukunft esou Demanden, wéi déi vun der Gemeng Bettborn cas par cas misst kucken, an een net einfach pauschal däerft soen, dass dat an Zukunft méiglech wär, dat heescht, dass ee vu Fall zu Fall misst analyséieren an tranchéieren.

Am Fall vun der zukünfteger Gemeng - ech woen ze soe - Préizerdaul ass awer d'Kommissioun der Iwwerzeegung gewiescht, dass hir Demande berechtegt ass, an den Numm Préizerdaul als Bezeechnung vun där Gemeng an Zukunft géif Sënn maachen.

Iwwregens wëll ech nach zum Schluss derbäi soen, dass et net verbueden ass, fir sech d'Méi ze ginn, gewësse Lëtzebuerger Nimm doduerch ze conservéieren, dass een dat formaliséiert, a se esou net verschwannen. Och dat ka jo Sënn maachen, an et ass grad dat, wat vill Gemenge maachen, wa se an hirer Gemeng Flouernimm oder Quartiersnimm a Stroossennimm festschreiwen, fir dass déi Nimm einfach erhale bleiwen an net verschwannen.

Dat ass och e Stéck vun eisem kulturelle Patrimoine.

Dat Argument, datt se a Spuenien oder a Frankräich eis Lëtzebuerger Nimm net kënnten op eng Enveloppe schreiwen, mécht mir manner Suergen. Wann ech a Schottland oder a Slowenien schreiwen, muss ech mech do grad esou ploe wéi e Spuenier oder e Fransous.

Zum Schluss wëll ech dann eisem Kolleeg, dem Député-maire Emile Calmes, wënschen, datt dëse Gesetzesprojet eng breet Zoustëmmung haut hei an der Chamber fënnt an ech géif am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu deem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Rapporteur huet eis Explikatioune ginn iwwert d'Argumentatioun, firwat dass deen Numm vun der Gemeng Bettborn soll geännert ginn an den Numm Préizerdaul. Et ass den eestëmmege Wonsch vum Conseil vu Bettborn, fir dee Changement de nom ze maachen. Mir mussen dat jo dann och respektéieren.

D'Argumentatioun ass deelweis richteg an deelweis net richteg. Am „Rénert" ass schonn iwwert de Préizerdaul geschwat ginn. Wa mer awer soen, mir géingen den Numm ännere fir keng Konfusioun ze kréie mat Tëlefonsnummeren oder well d'Nimm vu verschiddenen Uertschaften, déi am Tëlefonsbuch sinn, wéi Bettenduerf, Beetebuerg a Bettborn, zevill no beienee wieren, ech mengen, dat geet e wéineg wäit.

Mä am Respekt virun der Gemengenautonomie an am Respekt virum unanimë Vote vum Conseil vu Bettborn musse mer dat elo acceptéieren an dofir géing ech och den Accord vun eiser Fraktioun dozou ginn.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Emile Calmes.

M. Emile Calmes *(DP).-* Här President, als Buergermeeschter vun där Gemeng, där hiren Numm mat dësem Gesetz soll geännert ginn, freet et mech natierlech ganz besonnesch, datt dee Projet de loi kann haut de Mëtteg hei um Ordre du jour sinn.

De Rapporteur, de Kolleeg Marco Schank, huet a sengem schrëftlechen a mëndleche Rapport, fir deen ech hien hei géif félicitéieren an em och merci soen, d'Grënn erläutert. E war esou komplett, datt bal alles wat duerno kënnt sech eriwwregt.

Firwat huet de Gemengerot vu Bettborn 1996 allerdéngs schonn décidéiert d'Regierung ze froen, op Grond vum Artikel 3 vum Gemengegesetz vun 1988, e Gesetz anzebréngen, fir den Numm vun der Gemeng Bettborn an dee vu Préizerdaul ëmzeänneren? Mä fir domat en historesche Feeler a sech ze korrigéieren, dee virun 200 Joer geschitt ass, wéi deemools d'Fransousen aus dem Préizerdaul d'Gemeng Bettborn gemaach hunn, eleng well de franséischen Okkupant deemools en Amtsbuergermeeschter agesat huet, dee soss néierens Notär war wéi zu Bettborn.

Nun ass et esou, dass ech selwer am Préizerdaul gebuer sinn a bis elo néierens anescht wéi do gewunnt hunn. Ech hunn och an all deenen anere véier Sektiounen, déi et am Préizerdaul gëtt, gewunnt. Esou sinn ech zu Proz op d'Welt komm, zu Bettborn hunn ech meng Jugend verbruecht, als Vertrieder vun der Sektioun Platen sinn ech an de Gemengerot komm a wunnen elo mat menger Famill zanter 20 Joer zu Rëmmereg. Mä egal wou ech gewunnt hunn an enger vun deenen anere Sektiounen, . . .

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Sot eis awer elo net och nach wou Der stierft!

M. Emile Calmes *(DP).- . . .* et war am Fong ëmmer de Préizerdaul. Ech hat d'Gefill, wéi wann dat och d'Gefill wier vu menge Matbierger an och, wéi de Rapporteur scho gesot huet, vun de Leit aus där Géigend, an ech mengen, wäit iwwert déi Géigend eraus.

A well dat meng Iwwerzeegung war hunn ech schonn 1982, wéi ech als Buergermeeschter ugefaangen

hunn, dem Gemengerot proposéiert - an dat war meng éischt Amtshandlung -, déi véier Sektioune Bettborn, Proz, Platen a Rëmmereg zesummenzeleeën an eng Walsektioun, fir esou no baussen ze demonstréieren, datt mer just eng Gemeng sinn, déi dann och den Numm Préizerdaul verdéngt. Et ass och dat wat mer da spéiderhin nogeholl hunn.

De Préizerdaul ass keng grouss Gemeng. Et ass eng vun deene klengsten, eng vu 1.500 ha, mä dofir hält den Numm och do op. Wann Der vum Hungerbësch an de Préizerdaul erafuert, da geet en effektiv ëm d'Kéier un, a wann Der op Groussbus Richtung Wolz fuert, dann hält en och erëm direkt an der Schankegriecht op. Dofir sinn déi Bedenken, déi de Statsrot hat, fir eis gläichzestelle mat aneren Nimm wéi dem „Uelzechtdall" oder dem „Mëllerdall", wat a sech ëmmer méi Gemenge begräift, net berechtegt. Den Uelzechtdall geet vun Esch bis erop op Kolmar. Et sinn a sech keng Verwiesselungen doran.

Dat hei ass ganz sécher kee Prezedenzfall an ech ginn dem Rapporteur Recht, datt déi Demanden au cas par cas sollen analyséiert ginn. Op alle Fall ass et an dësem Fall anescht.

Wat déi aner Argumenter ugeet, huet de Rapporteur se hei ernimmt an ech wëll net nach eng Kéier drop zréckkommen.

Ech wëll awer hei och ganz kloer ënnersträichen, datt wann den Numm vun der Gemeng Bettborn elo ännert an de Préizerdaul gëtt, da bleiwen d'Nimm vun deene véier Lokalitéite jo awer nach bestoen, soudass mer den Duercherneen net méi grouss maachen, well d'Leit behalen hir Adress, souwuel am Tëlefonsbuch, wéi egal wou dat de Fall ass.

Mir wäerten eis allerdéngs beméien, den Numm „Préizerdaul" op de Stroossekaarte materan ze kréien als Zousaz zu deem vun deene véier Lokalitéiten.

An deem Sënn géif ech dann och den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet hei bréngen a géif lech natierlech am Viraus schonn alleguer merci soen, wann Der deem Projet esou wäit wéi méiglech kënnt zoustëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Camille Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech weess net ob dat de Buergermeeschter vum Préizerdaul esou opgereegt huet, dass en elo säi Brëll leie gelooss huet.

Et wonnert mech och, datt den Här Innenminister bei esou engem Joerhonnertereegnës net hei ass. Fir de Rescht hunn ech e puer kleng Remarken.

Och ech ka confirméieren, dass wa mer an d'Disco gefuer sinn, da si mer an de Préizerdaul an d'Disco gefuer an net op Bettborn an och net op Rëmmereg an net op Proz.

Ech kann och de Statsrot berouegen, dass muer d'Gemeng Biekerech net wäert eng Demande maachen, fir a Schweecherdaul ëmbenannt ze ginn.

Ech hätt just zwou Froen opzewerfen.

1. Wéisou huet e ferventen Unhänger vun Dialog an Transparenz bei esou enger wichteger Décisioun säi Walvollek net gefrot an e Referendum ofgehalen, fir dass d'Populatioun och eng Chance kritt hätt hir Meenung dozou ze soen? Mä wéi en Diktator hält scho Referenden?

2. Ech froe mech just wat den Här Calmes elo mat sengem Jumelage mécht, well dem Här Calmes seng Gemeng Bettborn ass nämlech mat der Gemeng Bettborn aus dem Frankräich jumeléiert. Entweder kritt en déi franséisch Gemeng Bettborn iwwerzeegt, och de franséische Sénat iwwerzeegt ze kréien, dass si sech och kënnen a Préizerdaul ëmnennen. Mir hu Recherchen um Internet gemaach a mir géingen dem Här Calmes proposéieren, deemnächst e Jumelage mat der spuenescher Gemeng Vall de Prats ze maachen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Pierre Koepp.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech soen dem Kolleeg Marco Schank merci, deen e Rapport gemaach huet, dee ganz plausibel war, an och dem Här Emile Calmes an alle Virriedner, datt se dofir sinn, dass de Préizerdaul erëm esou genannt gëtt. Ech a menger Jugend hu fir d'éischt am Préizerdaul Fussball gespillt a mäin éischte Géigner war Kueben Néckel. Do huet een net brauchen ze fäerten, mä et ass een op d'Säit geflunn wann hien un ee koum.

Domat wëll ech och den Accord vun eiser Fraktioun zum Numm Préizerdaul ginn.

M. le Président.- Hëlt d'Regierung Stellung? Här Minister!

M. François Biltgen, *Ministre aux Relations avec le Parlement.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech hu wéineg zum Préizerdaul ze soen, ofgesi vun deene Protokoller, déi ech emol do krut an déi ech och bezuelt hunn. Ech sinn deen eenzegen Net-Éisleker, deen hei schwätzt.

(Interruptions diverses)

Ech sinn awer ganz frou, d'Regierung hei kënnen ze vertrieden, an och als ehemolege President vun der Gemengekommissioun vun der Chamber, als ehemolege Gemengepolitiker hei ze gesinn, dass e Projet, deen esou grouss Hürden huet missen huelen, dann awer elo hei, mengen ech, mat Unanimitéit gestëmmt

gëtt an dass de Gesetzgeber e gemengenautonomeschen Akt hei sanktionéiert.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet de loi of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmmen an 3 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Nico Loes), Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Mmes Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Lucien Weiler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben Fayot (par M. Jos Scheuer), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Mars Di Bartolomeo), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry).

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).

Se sont abstenus: MM. Ady Jung, Laurent Mosar et Jean Spautz.

(Interruptions diverses)

Ech hu mech mat enthalen, fir déi, déi et nach net sollte wëssen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Wëllt Der Är Abstentioun motivéieren?

M. le Président.- Ech ka se motivéieren, awer da muss ech hei erofgoen. Ech hu meng Bedenken. Ech sinn der Meenung, entweder solle mer am ganze Land alles op franséisch, oder op däitsch, oder op lëtzebuergesch schreiwen, mä ech maachen awer kee Cas doraus.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, et sinn eng Partie Kolleegen, déi haut nach aner Obligatiounen hunn. Mir missten elo en neie Projet ufänken, mä et wäert schwéier ginn domat virunzefueren. Wann Der d'accord sidd, aus deenen Ursaachen, déi Der alleguer kennt, géinge mer d'Sitzung fir elo schléissen an da géinge mer muer de Moie weiderfueren.

(Assentiment)

D'Sitzung ass opgehuewen an déi nächst Sitzung ass muer de Moien um 9.00 Auer.

(Fin de la séance publique à 17.28 heures).